

Discours du 1^{er} mai 2014

Komerodinnen a Komeroden,

fir eisen 1. Mee vun dësem Joër hunn mir de Slogan „Sozial Rechter erhalten“ erausgesicht. Dëse Slogan begräift 4 wichteg Piliere vun eisem gewerkschaftlechen Wierken.

Wéi kéint et aneschter sinn, datt mir géint all Sozialofbau sinn, datt mir géint all Privatiséierungen vum öffentlichen Transport sinn, datt mir fir staark öffentlich Dénkschleeschtungen sinn, datt mir fir e sozialt, ökologescht a solidarescht Europa sinn.

Haut op dësem 1. Mee fannen mir eis, Militanten a Memberen vum Landesverband, hei am Casino zesummen fir eis solidaresch géint all Attacken am soziale Beräich op déi schaffend Leit a Pensionéiert ze weisen.

Merci lech alleguerten fir Äer zahlreich Participatioun. Merci un all déi, déi dësen 1. Mee **préparéiert hunn. Merci der Harmonie vum Landesverband fir d'lwuerhuelen vum** musikaleschen Deel. Merci den Bouneweger Pompjeeën fir hir Participatioun um Cortège **an d'Opriichten vum Sall am Centre Culturel.**

Merci och der Presse fir hirt Kommen an hir Berichterstattung.

Da wëll ech och häerzlech begréissen eis Éirepresidenten Josy Konz an Nico Wennmacher zesummen mat allen aeren Éirentitelträger aus fréieren Exekutiven.

Ech begréissen och häerzlech den Jean-Claude Bernardini, Member vum geschäftsféierende Virstand vum OGBL. Mam Jean-Claude schaffe mer enk am Verwaltungsrat vun der CFL cargo zesummen.

Ech begréissen och häerzlech den Norbert Tremuth an den Sylvain Hoffmann, Direkter resp. Direkter adj. vun der Chambre des Salariés.

Aus der Politik begréissen ech den Minister vun der Fonction Publique an vum Intérieur, den Dan Kersch, den Claude Haagen, Deputéierten an Präsident vun der LSAP, wieder Deputéierten Roger Negri, LSAP, Claude Turmes, déi Gréng, Serge Urbany, Déi Lénk.

Och begréissen ech Verrieder vun deenen einzelnen Parteien, Buergermeeschteren, Schäffen an Conselljeeën aus den verschiddenen Gemengen, Tom Jungen, Roland Schreiner an Fernand Schiltz.

Esou och d'Kandidatinnen an d'Kandidaten fir d'Europawahlen, déi haut bei eis kommt sinn.

Speziell begrüessen ech och Directrice Générale vun der Editpress, Danièle Fonck, den Administrateur-délégué **Alvin Sold** vun der Editpress an d'Redactrice en chef adjointe Michelle Cloos vum Tageblatt.

Virun allem sinn ech frou, datt en Deel Politiker kommt sinn fir séch d'Fuerderungen, d'Kritiken an d'Suergen vum Landesverband zu deenen eenzelnen politeschen Dossieren unzehéieren an ech hoffen och unzehuelen.

Komerodinnen a Komeroden,

wann ech vun eise Fuerderungen, Kritiken an Suergen schwetzen, da sinn dat eis sécher net aleng, neen dat sinn och déi vun de Komerodinnen a Komeroden aus villen aneren Secteuren.

An et ass och dofir net vun ongeféier, datt mir am Intressi vun alle Beschäftegten hei am **Land enk mam OGBL zesumme koopéieren. Dat nom Motto: L'Union fait la force.**

Mir als Landesverband stinn an der Verantwortung. Bei de Sozialwahlen am Hierscht **hunn eis d'Wielerinnen an d'Wieler, doduerch datt sie eis zu gudden Resultater verhollef** hunn, en kloren Optrag ginn fir eng offensiv Politik an eiser aller Intressi ze maachen.

Mir maachen dat fir déi Aktiv, fir déi Pensionéiert. Awer dofir brauche mir weider hir **Ënnerstëtzung, déi eis Stärkt ass, fir ze réusséieren mat eisen Fuerderungen.**

Mir hunn eng nei Regierung kritt de leschten Hierscht. Sie huet wuel ugekënnegt, datt sie wëllt konkret gesellschaftlech Reformen ëmsetzen, déi mat der CSV nie méiglech gewiescht wäeren, awer huet sie eis an der Zwëschenzäit wësse geloos, datt sie weider wëllt um Spuerkurs bleiwen.

Dat heescht näischt Aaneschtes, datt mir all musse weider méi déif an de Portemonni gräifen.

Zwee direkt Beispiller sinn déi nei gewollten **Critären bei de Boursen fir d'Studenten, déi den Elteren hir Portemonniën sécher wäerten belaauchten. Ass dat de richtige Wee. Sollen déi Hëllef dach net eng wichteg Investitioun an de d'Ausbildung vun de jonke Leit sinn?**

D'Schüler an d'Studenten hunn séch de leschte Freideg mat engem Streik géint d'Kiirzung vun de Boursen gewiert. Mir hunn eis solidaresch mat de Streikenden bewiesen an wëllen haut déi jonk Leit fir hiren erfollegräichen Streik félicitéieren an hinne soen, datt sie weider eiser Solidaritéit an hirem gerechte Kampf sécher sinn.

Jo déi ugesooten Selektivéit an der Sozialpolitik. Wat kënnt do alles op eis zou? 2006 gouf **d'Kannergeld desindexéiert. Mëttlerweil chiffréieren séch d'Verloschter op ongeféier 20** Prozent. Wat fir Leeschtungen sollen dann elo nach gekiirzt ginn?

Dat alles ass fir eis sozialen Ofbau.

D'Regierung schéint dat aaneschter ze gesinn, dat heescht nëmmen aus dem Bléckwenkel vum Geld spueren eraus.

Dann huele mer d'TVA. Den neie Premier Xavier Bettel dréckt zum Deel déi geplangten TVA-Erhéichung op d'Verloschter beim E-Commerce, déi mussen ausgeglach ginn.

Ufanks huet et geheescht, datt de nëmmen de Spëtzesaz vun der TVA géng gehéckt ginn. Dat ass elo net méi wouer. Bis op de kleng Saz sollen all aner Saz gehuewen ginn.

An da muss e wëssen, datt wann d'TVA an d'Luut gëtt, d'Preisser klammen an d'Liewe méi deier gëtt.

De Premier kënnegt weider un, datt dat Geld, dat de Leit duerch d'TVA-Erhéichung verluer wäert goen, duerch eng am Joer 2016 generell Steiereform zum Deel ausgeglach soll ginn respektiv soll et an enger weiderer Etappe zu enger déifgräifender Steiereform kommen.

Komerodinnen a Komeroden,

Dat awer gleewe mer eréischt, wann mer gesinn, wann an der Chamber emol e Projet an der Richtung deponéiert ginn ass. Dir kënnt mech froen firwat. Vill ze oft sinn mer als Gewerkschaften schons mat Ukënnegungen berieselt ginn, ouni datt duerno irgend eppes geschitt ass.

Zu de Steieren iwwerhaapt. Mir fuerderen eng gerecht Steierpolitik, keng Steierpolitik wou mat niddrege Spëtzesätz déi besser Gestalten geschount ginn. Mir fuerderen en **regelmäseg Upassung vun de Steiertabellen un d'Inflation. A mir fuerderen, datt déi steierlech Diskriminatioun vun den Alengerzéihenden, de Verwitweten, de gescheete Leit an den Jonggesillen, déi en eegenen Stod hunn endlech muss en Enn gesaat ginn.**

Wat geschitt mam Index?

Den Premier Bettel huet ugekënnegt séch wëllen mat den Gewerkschaften nach virun der Vakanz zesummen op en Dësch ze setzen fir **iwwert d'zukunft vum Index ze schwetzen.** Mir wëssen datt déi jetzeg Regelung, déi näischt Aaneschtes ewéi eng Manipulatioun wor, am Oktober ausleeft.

Mir ginn dovunner aus, wann de Premier schons e Gespréich mat de Gewerkschaften wëll féieren, dat jo sécher **an d'Richtung vum Erhale vum Index geet. Awer och wann hien wëllt** dat Gespréich hunn, kann een dovunner ausgoen, datt hien versicht e Kompromiss ze fannen, deen awer dach dann och eng Modulatioun bedäit.

Et gëtt gutt an et faul gëtt Kompromisser.

Bei der Indexfro huet de Landesverband eng kloer Linn. Neen zhu all Kompromiss.

Mir fuerderen datt den ursprüngelechen Indexsystem erëm integral, also ouni Aschränkungen, agefouert gëtt an datt déi Tranchen déi e gewëssene Moment erfalen dann och op de Moment direkt ausbezuelt ginn.

Egal wat fir aner Mesuren zréckbehalen ginn, dat sinn Modulatiounen, Manipulatiounen, **déi d'Liewen méi deier fir eise Poertemonni maachen an eis Kaafkraaft reduzéieren.**

Iwwerhaapt wëlle mir ganz kloer soen, datt eng Austeritéitspolitik, déi wéi mer wëssen **ëmmer déi kleng an d'Mëttelverdenger direkt trëfft, falsch ass, eben well jhust déi Schicht** vu Leit déi real Akommesverloschter am uechsten spiert.

An hunn Realléin zu Lëtzebuerg net schons an den Joeren 2011 an 2012 1,7 Prozent ofgehall? **Ass d'Kannergeld vun 2006 un net schons bal 20 Prozent manner wäert ginn? Muss et wirklech dozou kommen, datt séch d'Situatioun vun de schaffende Leit weider verschlechtert?**

Ganz wachsam musse mer och sinn wat Entwecklung an der Pensiounspolitik betrëfft. **Kënnt et zu enger weiderer Reform? D'Upassung vun de Pensiounen an de Renten, den Ajustement** soll eng nächste Kéier eréischt den Januar 2016 ausbezuelt ginn, ass fir eis ganz wichteg.

Eng negativ Entwecklung wéi dir gesitt. Et kann dach net **d'Absicht sinn e groussen Deel vum drëtten Alter un d'Armutsgrenz** erunzeféieren.

An alle Fäll kämpfe mir fir den Erhalt vum Ajustement vun de Pensiounen a Renten un **d'Entwecklung vun der Akommespolitik vun den Aktiven.**

A wichteg ass fir eis dobäi, daat den öffentleche Pensiounssystem mat gudden Leeschtungen fir d'Pensionéiert vun haut a vu muer ofgeséichert bleiw.

Dat sellwecht gëllt fir d'Pflegeversécherung, wou et net ka sinn, daat d'Leeschtungen zréckgeschrauw ginn.

Jo, daat sinn konkret Fuerderungen.

Op der aaner soen mer dann ganz däitlech: Haalt dach endlech op mat enger Politik vun **Austeritéit, déi eis an d'Armut** dréift! Maacht dach endlech eng Politik am Intressi vum schaffende Mensch a net am Intressi vum Kapital mat all sénge negativen Facetten!

Eis Belsch Kollegen/innen hun Recht wann sie een Pin maache gelooss hun „**Le capitalisme nuit gravement à la santé**“!

An dat misst dach wirklech méiglech sinn, eng Politik am Interessi vun den schaffenden Lait ze maaachen, wou mer elo gesoot kréien, daat e mëttlere Wuesstum vum PIB vun 3,5 Prozent fir d'Joeren 2015 bis 2018 dran ass an daat bis zum Joer 2018 net 1,5 Mia awer nëmmen méi 1,04 Mia missten un Aspuerungen gemaacht ginn fir d'Konten an Gläichgewicht ze bréngen.

An hei soën ech nach eng Kéier ganz kloer. Mir d'Salariat an déi Pensionéiert sinn net fir d'Kris schëlleg, bludden awer ënnert der Kris, während déi aaner, déi mam Geld gespillt hun an d'Kris ze veräntwerten hunn, weider gudd liewen an weider bor Mënz an d'Täsch stiechen.

De Staat soll Geld spueren. Och eng d'CFL ass ugehale ginn d'Ausgaben ze reduzéieren. Wou soll gespuert ginn? Mir wieren eis selbstverständlech dogéint daat soll bei den Astellungen gespuert ginn, mir wieren eis dogéint daat soll bei de Aarbechtskonditiounen gespuert ginn, mir wieren eis dogéint daat soll an der Sécherheet gespuert ginn, mir wieren eis dogéint daat soll beim Accueil an der Betreierung vun der Klientel gespuert ginn. Mir wieren eis géint all Spuermossnahmen, déi e gudden Oflaf vum Betrieb stéieren. Mir bleiwen äusserst wachsam daat eis net den sozialen Teppesch ënnert de Féiss ewech gezunn gëtt.

Komerodinnen a Komeroden,

Da kënnt elo d'Reform vum Statut a vun de Gehälter, daat no **Noverhandlungen an deene séch d'CGFP** mam Minister vun der Fonction Publique Dan Kersch séch eens gi sinn.

Texter hu mir nach keng gesinn. Och sinn mir vum zoustännege Minister weder informéiert nach konsultéiert ginn, och nach net no enger schrëftlecher Ufro, wat mer einfach net an der Reih fannen.

Haut huet eis den Minister gesoot, datt hien eis géng den Méindeg 12. Mee 2014 nomëttes empfänken.

Mir wëssen aus der Presse datt Bewertung soll vereinfacht ginn. Dobäi sief gesot, datt mir all individuell Bewertung, déi nie objektiv ka sinn, weiderhin ofleenen.

Mir wëssen datt de Rapport de fin de Carrière ersatzlos gestrach ginn ass.

Mir wëssen awer och datt d'Kiirzung vun den Ufanksgehälter bei 80 an 90 Prozent bestoen bleiwt. Dat kënne mer weider net akzeptéieren.

Mir hunn gesinn, datt eng Reih vun eise Kritiken bei de Noverhandlungen Rechnung gedroen gouf. Dat geet eis eng kleng Satisfaktioun.

Doniewent koom et zur Ëmsetzung vum Gehältervertrag, wou mir vun Ufank un gefuerdert hunn, datt deen soll vun Reform getrennt ginn.

De Punktwert gétt gehuewen an eng eemoleg Joresprime ass acordéiert.

Awer gläichzäiteg wësse mer, datt d'Regierung décidéiert huet, an de nächste 5 Joer kenger Erhéichung vum Punktwert zouzestëmmen.

Mir fuerderen datt et och an d'Zukunft zu enger kontinuierlecher Gehälterpolitik kënnt. Ëmmerhin huet de Gehältervertrag, deen elo ufanks 2015 zum droen kënnt, 5 Joer op séch waarte gelooss.

Doeriwwe eraus fuerdere mir déi sellwecht kontinuierlech Lounpolitik iwwert de Wee vun positiv gestallten Kollektivvertäg am Privatsecteur.

Komerodinnen a Komeroden,

Intressi musse mer hunn datt jiddferen Aarbecht huet. Awer leider ass dat nach laang net de Fall.

Zuel vun den Aarbechtsloosen geet einfach net zrëck, d'Jugendarbeitslosegkeet ass esou héich ewéi nach nie.

Awer firwat geet de Chômage net zrëck? Firwat hunn mer Milliounen Aarbechtsloser an Europa?

D'Politik an Europa ass praktesch nëmmen méi wirtschaftlech ausgeriicht, neoliberal wirtschaftlech, besser gesoot op de Kapitalismus ausgeriicht, verbonnen matt enger Austeritéitspolitik, déi déi Schaffend méi aarm mécht, den Aarbechtsmaart rationaliséiert an doduerch Aarbechtsplazen ofschaaft awer keng nei kréiert.

Mir streiden net of, datt den Aarbechtsminister no Mëttel a Weeër sicht fir de Chômage hei am Land erof ze drécken. Awer mir mengen, datt hei an éischer Linn och de Staat, Gemengen an all aaner parastaatlech Entreprises ugehalen musse ginn fir verstärkt an de Recrutement vun jonke Leit ze investéieren. Sie mussen eigentlech dach gutt Beispill och fir de Privatsecteur sinn.

Net gutt fannen mir, datt d'Mesuren geholl ginn, déi den Chômeur belaauchten fir an de Aarbechtsprozess erëmzefannen. Mesuren, déi esou stramm gehalen sinn, do wëll ech d'Mesuren déi de Wee op Aarbecht betreffen, ervirstréichen, déi de betraffene Mënsch esou strapazéieren, datt hien méi laang kann ënnerwee sinn ewéi hien den Dag laang schafft.

E gutt ausgeroute Mënsch bréngt eng gutt Leeschtung an ech mengen datt och e Mënsch deen aus dem Chômage erauskënnt an erëm schafft geet och e Recht op Liewensqualitéit huet.

Komerodinnen a Komeroden,

Déi aktuell Europapolitik, déi, jo sie gëtt zum groussen Deel vun de nationale Politiken ugeholl, ass ausschliesslech eng Politik vun der Austeritéit, ass ausschliesslech eng Politik vun der Liberaliséierung an der Privatiséierung, der Dereguléierung, dat heescht näischt Aaneschtes, datt alles soll iwwert de Wee vun der Konkurrenz an Europa organiséiert ginn. Dat kann net de Wee sinn, ech widderhuelen mech wuel.

Eng Austeritéitspolitik ass sécher de falsche Wee fir d'Kris an de Grëff ze kréien. Dës Politik ass gescheitert. Ouni Investitiounen an d'Zukunft, ouni gutt an ofgeséichert Aarbechtsplazen, ouni nei Impulser fir Wuesstum, ouni all Effortën ze maachen fir deene jonke Leit Aarbecht ze verschaaften kréie mer déi negativ Situatioun net an de Grëff.

Mir fuerderen eng konsequent politesch Richtungsännerung vun der europäescher Politik. Mir fuerderen, datt endlech Schluss ass mat der europäescher Austeritéitspolitik.

A mir maachen eis näischt fir. Déi national Politiken verstoppen séch gären hannert der europäescher Politik, huelen sie als Alibi fir hir Politik vum Spueren, déi praktesch aleng um Bockel vun dem Salarariat geschitt, ze rechtfertegen.

Och ginn mer konfrontéiert mat engem Freihandelsafkommens tëschent den Vereenegten Staaten an europäescher Unioun. Wueren an Déngschleeschungen sollen zwëschent den USA an Europa fräi gehandelt kënnen ginn.

D'Verhandlungen hunn Mëtt 2013 ugefaang. An et soll en hei net ausschliesslech mam Fanger op Europa weisen. D'Eu-Memberstaaten, och Lëtzebuerg, hunn der EU-Kommissioun e Mandat fir ze verhandelen ginn, wat zimlech wäit geet.

D'Ofkommens soll op allen Ebenen vollstänneg bannend wierken. Dat heescht, datt d'EU-Memberstaaten séch bei engem Akraaftfrieden missten Regelungen a Kritären ënnerwerfen, déi sie net ëmstousséieren dierften.

Dat dierft eis net egal sinn. Verstoppt sech hannert esou engem Ofkommens net Gefor, datt iwwer eng gewëssen Fräizüegekeet am Handel de Konsumenteschutz leide wäert awer och de Schutz vun de Salarieën. Jo, dat sinn alles Friemkierperen an den USA.

So kann eis Réactioun nëmmen déi sinn, dat mir soen, datt déi Négociatiounen, déi sollten geheim bleiwen, emol schnell gestoppt solle ginn. Mir fuerderen dat zesummen an enger gemeinsamer Plattform mat dem OGBL, karitativen Organisatiounen an och Bauerenorganisatiounen.

Zréck op Lëtzebuerg héiere mer dann, datt d'Kranken- an Pflegeversécherung solle moderniséiert an de Leeschtungskatalog kritiesch analyséiert ginn. Wat heescht dat?

Kënnt et zu Verschlechterungen? An dës Fro ännert séch och net mat der Ukënnegung, **datt d'Patienterechter solle gestärkt ginn. Dat ass wuel eng gutt Saach. Awer wat notzen staark Patienterechter, wann d'Leit séch keng medezinesch Behandlung méi kënnen leeschten.**

Firwat hunn ech dës Iwwerleeungen iwwert d'Kranken- Pfélegeversécherung elo an der Rum vun europäeschen Iwwerleeungen virgedroen?

Jo mir wëssen datt eng Barroso-Kommissioun, esou ewéi se séch haut zesummesetzt, an do ass och eng lëtzebuergesch Kommissarin derbäi, Mme Viviane Reding, genau esou wëllt en Sécurité sociale liberaliséieren, ewéi sie dat schons mat aaneren öffentlechen Déngschtleeschungen duerchexerzéiert huet.

Komerodinnen a Komeroden,

Wou ass d'sozial Dimensioun an Europa?

Mir brauchen en aanert Europa. En Europa dat sozial, ekologesch am sozialgerecht ausgeriicht ass. Mir brauchen eng Europapolitik déi och déi national Politik positiv a nohalteg prägen soll a muss.

Mir hätten gär en Europa, an dem eis Grondrechter ofgeséichert sinn, dozou gehéiert och **Streikrecht. A mir erënneren eis un d'Attacken, déi an der Rum vum 4. Paquet ferroviaire géint d'Eisebunner gefouert si ginn, fir minimal Déngschter am Fall vun Streik anzeféieren.**

Komerodinnen a Komeroden,

Virun e puer Deeg krute mer en Invitatioun vum Minister Fränz Bausch fir iwwer en **Avant-projet de loi iwwert d'Streikregelung op der Eisebunn ze diskutéieren.**

Mir sinn bis elo gutt ouni Streikregelung bei der Eisebunn gefuer. Mir woussten nach ëmmer bei all Streik eis Verantwortung, och am Intérêt vun der Entreprise ze huelen

Solle mer elo Fesselen ugeluecht kréien fir d'äerfen ze streiken? Soll e minimalen Service agefouert ginn? Ginn eis Oplagen verpasst, datt vun vir eran e Streik net soll réusséieren?

An esou enger Fessel gesinn mir en Ugreff op eis Gewerkschaftsrechter. Neen Här Minister Fränz Bausch, Member vum Landesverband, dogéint wiere mir eis.

Mir loossen eis keng Fesselen undoen. Mir sinn an engem fräie Land, an dem Streik e **Grondrecht ass, a mir wäerten eis weider d'Recht eraus huelen, dann ze streiken wann mir et fir noutwendeg halen. An domatt huet et séch.**

Oder musse mer streiken fir an d'Zukunft d'äerfen ze streiken?

Komerodinnen a Komeroden,

Ech well den Transport net ze kuurz komme sollen an dëser 1. Mee-Ried. Positiv a Negatives steet un.

Positiv ass datt d'Eisebunnsstreck vun Lëtzebuerg op Beetebuerg véiergleiseg ausgebaut gëtt. Dat ass vu grousser Wichtigkeet. D'Kapazitéiten ginn hannen a vir net duer. A wann mer nach méi TGV'ën, méi Gidderzich sollen op der Streck verkéieren an den Takt am Persouneverkéier vun der Stad an de Süden soll pünktlech bleiwen, dann ass den Ausbau kee Mutwëll.

Leider sinn déi Aarbechten, déi an 2 Lotën ausgeféiert ginn eréischt 2024 färdig, esou datt eis nach 10 batter Joeren bleiwen.

Och den Arrêt Roud Bréck gëtt gebaut. Dat am Zesammenhang mam Bau vum Tram an der Stadt, op deem ech nach zrëck kommen. Mir sinn belleiwien net géint dësen Arrêt, gesinn en awer nëmmen subsidiaresch, well mir nach ëmmer der lwwerzeegung sinn, dat eng traditionnell Zuchlinn vun der Gare Lëtzebuerg iwwert de Findel op de Kirchbierg den **Idealfall ass an d'Kapazitéiten bidd fir vill Leit op de Kirchbierg ze féieren** an do op dem Tram ëmzesteigen.

Mir begrëssen och d'Aussoen vum zoustännege Minister, datt den ieweschten Deel vun der Nordstreck soll zum Deel zweegleiseg ausgebaut ginn. Datt soot hien eis an enger **Entrevue mat dem Hiwäis op d'Virstellung vum Plan sectoriel Transport** elo am Mee.

An der Ried zur Lag vun der Natioun hunn mer awer näischt dovunner héieren. Ass tëschent eiser Entrevue an dëser Ried de Projet dem Spuerkurs zum Opfer gefall?

Och soot de Minister eis, datt bei der Streck Ettelbréck-Dikkrich den Status quo géng beibehalen ginn. Ledeglech e Bus géng agesaat ginn fir Erpeldéng besser ze bedéngen. Dat huet eis berouegt.

Awer vir kurzem elo hunn mer dann héieren, datt e private Bureau d'études op Pläng géng schaffen fir en separaten Buscouloir tëschent Ettelbréck an Dikkrich anzeriichten an den öffentlichen Transport esou dann vun der Schinn op Strooss sollt verluecht ginn .

Dat nun eemol kann eis net begeeschteren. An soll dat esou sinn wäerte mir eis Aktiounen fir den Erhalt vun der Streck no Dikkrich weider féieren.

Eischtens well et net ka sinn, datt d'Stad Dikkrich vun der traditioneller Schinn ofgeschnidde géng ginn, mais och well mer ze wäerten hunn, datt dat den Ufank vum Enn vun alle Stéckstrecken kéint sinn.

Mir fuerderen datt d'international Streck Lëtzebuerg-Léck soll méi performant am Fahrplang ginn. An datt och esou déi poentiell Clientèle aus dem Raum Vielsalm-Trois/Ponts besser Zuchverbindungen mat enger attraktiver Tarifkatioun no Lëtzebuerg kritt. Do hätte mer gären datt an **de Spëttestonnen d'Zich déi zu Elwen Terminus hunn** weider bis op Gouvy a firwat net nach e Stéck doriwwer eraus zirkuléieren sollen.

Bei allen Effortën, déi gemaacht goufen fir en Hallefstonnentakt op der Nordstreck anzeféieren, mussen mer awer feststellen, datt Voyageuren mat längere Fahrzäit bis op Elwen strapazéiert gëtt.

An dem Sënn wäerte mir och bei der CFL intervenéieren fir an der Relatioun mat der Fahrzäit erofzueen.

Wéi mer datt schons virun 35 Joer mat eise belsche Kollegen vun der CGSP fir den Erhalt, **d'Elektrifizierung an d'Revitalisierung vun der Nordstreck** gemaacht hunn, sinn met elo amgaangen den sellwächten Exercice ze widderhuelen fir déi Gesamtstreck esou wuel als international Streck ewéi och als eng wichteg Streck fir de Pendler, net nëmmen deen zu Lëtzebuerg den Zuch hëllt, mais och fir déi belsch Navetteurën infrastrukturméisseg, fahrplangméisseg an och wat de Confort ugeet méi attraktiv z gestalten.

Nach virgëschter hunn mer an enger gemeinsamer Pressekonferenz zu Gouvy eise Standpunkt an eis Fuerderungen duergeluecht.

Datt eis Verbindungen iwwert d'Shinn no Däitschland zënter Joeren net méi déi Besch sinn wesse mer. Wuel kréi mer mat der Ubannung un den Rheinland-Pfalz Takt ab dem Dezember vun dësem Joer am Stonnentakt besser Verbindungen op Tréier an do eriwwer eraus bis op Koblenz. Awer eis IC-Zich **op d'ICE-Plattform Köln** ginn eis verluer.

Esou fuerdere mir zesummen mat eisen däitsche Kollegen vun der däitscher Eisebunnergewerkschaft EVG, mat der Stad Tréier a mat eisen däitschen sozialdemokrateschen Eisebunnerskollegen, datt sollen direkt IC-Verbindungen mat ICE-**Qualitéit an d'Ballungsreim Rhein-Ruhr** an Rhein-Main ageriicht ginn.

A musse mir musse wirklech der däitscher Eisebunn DB AG eng Datz ausstellen an sie froen op sie së nach all huet, wëll virun e puer Deeg sie mir gewuer ginn, datt sie e Fernbus tëschent Frankfurt a Lëtzebuerg iwwert de Flughafen Hahn an Tréier organiséiert.

Dat heescht näischt Aaneschtes, datt DB séch sellwer Konkurrenz mécht fir d'Voyageuren iwwert de Wee vun Loun- a Sozialdumping an zu manner komfortablen Konditiounen **iwwert d'Strooss** ze kutschéieren.

Mir wëssen vun eise Kollegen vun Mobifair datt d'Conditions de travail, Roupausen an d'Fuerzäiten am Fernbusgeschäft Fremdwörter sinn. Déi däitsch Bunn soll séch schummen esou Trafiker ze organiséieren.

Do eriwwer eraus besteet natiirlech d'Gefor, datt **Aanerer wëllen dat sellwecht maachen.** Mir warnen esou d'Generaldirektioun vun der CFL esou e Wee ze goen.

Den CFL-Express iwwert d'Strooss **op Saarbrécken**, deen aus der Nout fir besser Verbindungen no Däitschland entstaanen ass, geet duer. An do sinn mir nach ëmmer der Meinung, datt eng nei Streck vu Beetebuerg **aus bis an d'Saar no Merzig** misst studéiert a realiséiert ginn.

An enger Zäit vum Klimawandel, an enger Zäit an der nohaltegen Transport all Dag geprediegt gëtt, ass all **Verlagerung vun Schinneverkéier op d'Strooss** eng falsch Décisioun.

Komerodinnen a Komeroden,

D'Stad Lëtzebuerg kritt en Tram. Mir sinn selbstverständlech dofir. An den Tram léisst schon vill ze vill laang op séch waarden.

D'Manéier an d'Form ewéi en op d'Schinne gesaat gëtt, kënne mer net mat droen.

Den Tram an der Stad Lëtzebuerg soll nämlech iwwert **d'Luxtram SA** ausgeschriwwen ginn, an dann a **privater Hand** realiséiert an exploitéiert ginn. Och d'Ausbildung vun de Beschäftegten an d'Maintenance soll iwwert dee Wee lafen.

Dësen Tram gehéiert an d'ëffentlech Hand mat Beschäftegten, déi en ëffentleche Statut hunn.

D'CFL fir den Ënnerhalt vum Material an den AVL fir de Betrieb bréngen fir eis déi bescht Viraussetzungen mat fir dat den Tram an der Stad e Succès gëtt.

A wann da soll en Atelier de maintenance op de Kirchbierg gebaut ginn, circa 8 Hektar Bësch ofgeholzt ginn, an den Tram muer laanscht de Centre de Maintenance vun der CFL zou Bouneweg féiert, da muss da jiddferen mat eis d'accord sinn, datt den Atelier um Kierchbierg Brach ass an d'Plaz beim neien Atelier vun den CFL soll genotzt ginn fir den Tramsatelier ze bauen.

Eis Aktiounen géint d'Ausschreiwungen vun ëffentlechen Transportleeschtungen sou och wat de Bau an d'Exploitatioun vum Tram an der Stad ugeet, féiere mir resolut weider.

Komerodinnen a Komeroden,

D'ëffentlech Déngschtleeschtung däerf net zu enger Wuer ginn. Dozou gehéiert och den ëffentlechen Transport.

Mir wieren eis och dergéint datt déi schaffend Leit eng Wuer solle ginn, datt sie iwwert dee Wee vun der Konkurrenz entweder aus dem Berufsliewen erausgedréckt oder zweckentfremdet ginn. Dat kann net sinn.

An esou wäere mer dann beim Thema vum 4. Paquet ferroviaire.

Hei geet et ëm eis Zukunft an d'Zukunft vun den integréierten Eisebunnsgesellschaften. Jo well de 4. Paquet gesäit vir fir virrangeg den ëffentlechen Transport iwwert d'Schinn op nationalem Niveau iwwer Ausschreiwungen ze organiséieren, och wann eng Attribution directe nach ëmmer méiglech ass, d'Oplagen awer esou verschärft solle ginn, datt an der Praxis d'Applicatioun vun der Attribution directe dierft schwierig ginn.

Mat dëser Décisioun gëtt fir eis eendeiteg d'Recht vun den Etats-membres ënnergruwen, national a regional ëffentlech Transportleeschtungen ënnert der Berücksichtigung vun de Bedürfnisser vun der Biergerinnen a Bierger awer och ënnert der Brücksichtigung vun de nationalen, regionalen a städteschen Besoinën ze organiséieren.

An och ass nach näischt gewonn wat d'integréiert Gesellschaftsstrukturen ugeet.

Et geet wuel direkt keng chinesesch Mauer méi, awer dach ass ze wäerten datt muer d' Holding-Strukturen Schoul maachen déi och d'integréiert Gesellschaften spalte wäerten.

Mat hirer Haltung zum 4. Paquet ferroviaire huet d'Europaparlament verfeelt e kloert Zeechen fir en Enn vun der Liberaliséierungspolitik ze setzen.

Wéi geet et weider?

De Transportministerrot huet elo eng wichteg Roll ze spillen. Nach kann deen de Spiess ëmdréien.

Esou begréisste mer dann d'Initiativ vun de Benelux-Länner, déi e gemeinsame Pabéier geschriwwen hunn an dem sie den heitegen Inhalt vum 4. Paquet ferroviaire zréckweisen.

Mir hoffen, dass de Pabéier och vun deenen anere Staaten esou gesinn gëtt an domat wéi de Minister Bausch de 15. März an engem Tageblatt-Interview gesoot huet, den öffentlichen Eisenbahnverkehr net ënnert dem strikten kommerziellen Standpunkt dierft betruecht ginn.

Mir soen nach eng Kéier ganz kloer, dass all Land muss kënnen sellwer entscheiden wéi et **säin öffentlichen Transport wëllt iwwert d'Schinn och iwwert d'Stroos wëllt** organiséieren.

Mir wäerten esou deen Dossier de près verfollegen an et kéint dann esou sinn, dass an der zweeter Hallschönt vun 2015 eng definitiv Décisioun ënner Lëtzebuerger EU-Présidence kéint falen. Hoffentlech dann déi richteg an eisem Intérêt.

Eng irrsënnege a falsch Opfaassung ass nun emol d'Eisenbahntrepriseën ënnereneen Konkurrenten ginn ze loosene.

D'Konkurrenz ass tëschtent der Schinn an der Stroos ze fannen, déi lescht déi mat Dumpingpräisser operéiert an dann esou d'Konkurrenz op dem Bockel vun de Berufsschafferen ausgedroen gëet. Do läit den Iwwel, an do muss och den Hiewel ugesaat ginn.

Zréck zur Liberaliséierung an zur Konkurrenz well ech hei besonnesch nach emol soen, dass an der Konkurrenz de Profit am Mëttelpunkt steet, mat der Konsequenz vun engem enormen Drock op d'Arbeitsplazen an d'Conditions de travail. A mir wësse ganz genau, dass kurz gehale Personaleffektiver, d'Intensivéierung vun der Arbeit, d'Flexibiliséierung vun der Arbeit, net accordéiert Rou- a Congésdeeg e negative Facteur fir d'Sécherheet an engem Eisenbahnbetrieb sinn an allgemeng e negative Facteur fir d'Qualitéit vun den Déngschtleschtungen sinn.

An dat wëlle mer net.

Kommerodinnen a Kommeroden,

Eise Slogan vun dësem 1. Mee heescht net emsoos:

Sozial Rechter erhalten!

Eis Aufgab ass eis weider géint all Formen vun Sozialofbau an alle Beräicher ze wieren, eis géint eng salarialsfeindlech Politik ze wieren, eis géint eng Politik vun der Privatiséierung vun den öffentlichen Déngschtleschtungen ze wieren.

Nëmmen an öffentlecher Hand bleiwen dës Déngschtleschtungen fir d'Utilisateuren gläich zougänglech an och am Präis erschwénglech.

A privater Hand ginn dës Déngschtleschtungen ausschliesslech profitorientéiert an der Konkurrenz organiséiert, wat virun allem wéi schons gesoot der Qualität schued.

Dat ass dann d'Resultat vun der vun Europa gewollter Politik vun der Liberaliséierung, der Privatiséierung an der Dereguléierung.

Eng Politik déi alles futti mecht. Eng Politik där muss en Enn gesaat ginn. Mir kënnen eis dach wirklech net méi eng Politik bidde loosene, déi nëmmen op Austeritéit, Spueren a Konkurrenz besteet. An da weider all dat Sozialt wat a ville Joeren erkämpft gouf radikal kabott schléit.

Esou gëtt och och dësen 1. Mee eis d'Geleegeheet alle Wielerinnen a Wieler ze soen, datt sie den 25. Mee, wan d'Wahlen fir d'Europaparlament stattfannen, vun hirem verbréifte Recht solle profitéieren hir Stëmm fir en sozialt, ékologescht an solidarescht ze erhiewen. Mir brauchen en Europa, dat mat Investitiounen Wuesstem an Aarbechtsplazen schafft. Alles Aaneschter féiert eis géint eng Mauer, déi eis de Wee fir eng positiv orientéiert Zukunft verspärt.

Awer net nëmmen Europa kann eis interesséieren.

Mir ginn hei zu Lëtzebuerg eisen offensive Wee weider.

Mir wäerte weider e staarkt Engagement weisen fir d'Erhalen vun allen erkämpften soziale Rechter an alle Beräicher.

Mir kämpfe weider fir ofgeséichert Aarbechtsplazen, fir gutt Aarbechts- a Sozialbedengungen, fir eng kontinuéierlech Lounpolitik, fir anstänneg Pensiounen a Renten, fir eng Sécurité sociale weider an öffentlecher Hand mat effiacen Leeschtungen.

Mir wieren eis weider géint all Ugrëffer egal welcher Natur op d'Salariat an déi Pensionéiert.

Mir weisen eis weider staark an der Betriebsaarbecht.

Eise Slogan „Zesumme staark“ gëllt weider bei allen Aktivitéiten an Aktiounen, déi mir an Zukunft maachen.

Am Intressi vun lech alleguerten, Fraen an Männer, aktiv a pensionéiert, ginn mir konsequent weider dësen offensive Wee.

Weider zesumme staark!

Vive de Landesverband!

Vive den 1. Mee!

(Et gëllt dat gesprachend Wuert)

